N°574
Entrée le 04.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.04.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Am Aktivitéitsbericht 2022 vum Ministère gëtt et en Tableau mat offiziellen Zuelen zum Sport hei am Land. Aus dësem Tableau geet ervir, dass et am Joer 2022 55 Federatiounen, 1.311 Veräiner an insgesamt 131.971 Sportler:inne mat enger Lizenz hei am Land gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi ass dës Statistik zënter 2015 evoluéiert?
2. Wéi ass parallel dozou wärend dëser Period d'Zuel vun de Veräiner am Keelesport evoluéiert? Wéi erkläert sech de Minister dëse Phenomen?
3. Wéi steet de Minister zu der Evolutioun vun der Gesamtzuel vun de Lizenzen am Sport säit 2015?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten